PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.

Wéi lessentiel.lu an engem Artikel vum 2te November beriicht, koum et iwwert de vergaangene Weekend zu Versuergunsenkpäss op verschiddenen Tankstellen hei am Land, wouropshin dës Tankstellen hu missten op d'Noutreserv zeréckgräifen, wat awer och net verhënnert huet, dass verschidden Tankstelle ganz ouni Dreifstoff bliwwe sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Aus wéi enge Grënn konnten trotz de strategesche Reserven, déi Lëtzebuerg ugeluecht huet, d'Enkpäss op verschiddenen Tankstellen net verhënnert ginn?
2. Wéi schnell kënnen déi strategesch Reserven am Besoin vun den Tankstellen ugezaapt ginn?
3. Mat der Energiewend wäert an Zukunft de Konsum vu fossille Brennstoffer erofgoen. Allerdéngs stellt sech dann d'Fro, wéi een och hei strategesch Reserve kann uleeën an esou Liwwerenkpäss ka verhënneren (zB bei engem gréissere Stroumausfall)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député